

## - Communiqué de Presse -

No Entrevue'en tëschent dem Dippecher Schäfferot an dem Ministère fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten betreffend déi 2 Contournementer (Dippech-Gare a grousse Contournement), koum 2019 d'Nouvelle vum Bauhär, dem Ministère fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten, dass d'Aarbechte vum Staatsprojet "Contournement Dippech-Gare" Métt 2020 ufänke können.

E Méindeg, den 3. Februar 2020 huet den Dippecher Schäfferot d'Informatioun kritt, dass opgrond vun engem administrative Problem op Säite vun de staatlechen Administratiounen dësen Delai net agehale ka ginn.

Fir den Dippecher Schäfferot ass et inacceptabel an onverständlech, dass et no jorelaange Preparatiounsaarbechten a virlerende Geneemegungen op eemol heescht, dass den Geneemegungs-Dossier net komplett ass, fir mat den Aarbechten unzefänken.

De Staat huet nieft dem Natur- an Aarteschutz, deen an der ganzer Prozedur ni a Fro gestallt gouf, och eng Verantwortung géigeniwwer der Gesondheet an der Gedold vun de betraffene Leit.

An dem Sënn froen den Dippecher an de Reckénger Schäfferot eng urgent Entrevue mat der Ëmweltministesch un.

Mär fuerderen eng schnell Léisung am Sënn vun eisen Awunner.

### De Schäfferot von der Gemeng Dippech

**Manon BEI-ROLLER**  
Buergermeeschtesch

**Max HAHN**  
Schäffen

**Jean-Paul BLESER**  
Schäffen